1-2018-O-M-5403-01 ( n°2956 )

PIRATEN

Sensibilité Politique Piraten
Boîte Postale 83
L-7201 Bereldange

T: +352 20 60 66 60

Lëtzebuerg, de 16. Mee 2019

Dépôt : Marc Goergen
Débat d'orientation sur la stratégie « zéro déchets »

Sensibilité politique PIRATEN

5

# Motioun

**D'Députéiertechamber invitéiert,**

virum Hannergrond vun den Artikelen 20, 25, 47 an 54 vum Gesetz vum 21. Mäerz 2012 *relative aux déchets*;

virum Hannergrond vum Compte rendu vum Workshop vum themateschen Atelier iwwer Biomüll an d'Verschwendung vun de Liewensmëttelen, deen den 8. Januar 2018 an de Lokaler vun der *Administration de l'environnement* stattfonnt huet;

virum Hannergrond vum *Rapport d'activité* vun 2018 vum *Département de l'environnement* vum *Ministère du Développement durable et des Infrastructures* a spezifesch virum Punkt *5.10.1.* vum genannte Rapport *: Gestion des déchets et des ressources;*

besuergt, dass nach een groussen Deel vum Biomüll am normalen Haushaltsoffall lant, well – wéi aus dem Rapport d'Activité vun 2018 ervirgeet – nach net all Gemeng zu Lëtzebuerg eng separat Trennung vun organeschem Offall mécht, esou dass vill Gemengen de *plan national de gestion des déchets et des ressources (PNGDR)* vun der Regierung aktuell net ënnerstëtzten;

**d'Regierung,**

esou séier wéi Méiglech déi néideg Dispositiounen ze treffen fir d'Gemengen unzereegen, alleguerten de Ménagen an den Betriber, déi Biomüll hierstellen, eng gratis „gréng Dreckskëscht" fir de Biomüll bis den 1. Januar 2020 ze proposéieren, fir dass si hierer Verflichtung nokommen, sech un d'Gesetz vum 21. Mäerz 2012, wat dem Artikel 54 vum genannten Gesetz entspriechend schonns den 21. Mäerz 2014 hätt sollen ëmgesat sinn, ze halen an fir dass si eng korrekt Gestioun vum Biomüll garantéieren an d'Kreeslafwirtschaft unkuerbelen.

Marc Goergen

Deputéierte